FRÄIE MIKRO – BOB REUTER

DIFFUSIOUNSDATUM: 12/05/2026

DE WAL, D'EMPÖRUNG AN D'DEMOKRATIE

USO (MAX. 400 ZEECHEN)

E Bündnis vun Esoteriker, Verschwörungsideologen a rietsextremen Influenceren — fir e gestrante Buckelwal an der Ostsee. Wéi konnt et dozou kommen, a wat seet et aus iwwer den Zoustand vun eiser ëffentlecher Debatt? Iwwerleeungen dozou am Fräie Mikro vum Bob Reuter, President vun AHA Lëtzebuerg.

TEXT (409 WIERDER – MAX 2:30)

Viru Kuerzem ass e Buckelwal virun der Insel Poel an der Ostsee gestrand. Timmy, esou hunn d'Medien hien genannt. Séier stoung fest: dat Déier wier net méi ze retten.

Wat duerno geschitt ass, ass beonrouegend an opschlussräich op ville Pläng. Op de soziale Medien huet sech e Bündnis forméiert: Esoteriker, Verschwörungsideologen, rietsextrem Influenceren. Si hunn de Wal "Hope" gedeeft a behaapt, hie wier mat Absicht an d'Ostsee gedriwwe ginn - fir Experimenter, fir säi Skelett. Politik, Wëssenschaft, Medien hätten alleguer eppes ze verstoppen. A si selwer? Si wieren d'Walretter, déi hien befréie wéilten a géifen.

Um Ufank stoung bestëmmt Matgefill. Dono Onmacht. Schlussendlech ass d'Debatt ofgedrifft - mat Drohunge géint Politiker, mat Konflikter mat der Police, mat enger Sprooch, déi Grenzen iwwerschratt huet.

Mä firwat huet dee Narrativ esou eng Kraaft entwéckelt? Ech denken, well e schonn a ville Käpp war. Errennert der iech un de Film “Free Willy” aus dem Joer 1993? Ee gefaangene Wal, en eenzelen Held, en

indifferenten Apparat, ee befreiende Sprong. Op all gestrante Wal applizéiert sech säitdeem: d'Wëssenschaft, déi ofreet eppes z’ennerhuelen, wann et irrealistesch ass datt et deem Déier hëlleft, gëtt zum Géigner deklaréiert. Dass de Keiko, wéi de Willy ausserhalb vum Film genannt gouf, no senger Auswëlderung gestuerwen ass, huet dee Narrativ leider net verännert.

D'Politikwëssenschaftlerin Katharina Nocun schwätz vum "Ikea-Effekt": mir bewäerten dat, wat mir eis selwer am Internet zesummegebastelt hunn, méi héich wéi gepréifte Wëssen. Doraus gëtt eng "alternativ Wourecht", déi sech net duerch Fakten korrigéiere léisst - well se net méi op Fakten baséiert, mä op Narrativen.

Dat ass alles keen Zoufall, mä Geschäftsmodell. D'Algorithmen vun de soziale Medien belounen net Wouerheet, mä Empörung - well Empörung Klicks bréngt. An esou kann sech jidereen als Expert héichstiliséieren - ouni Beweis, ouni Method, ouni Verantwortung, awer mat vill Emotioun a vill Opmierksamkeet.

Hei läit fir mech de Kär: déi Denkweis déi fundamentalt Mësstraue géint all Institutioun kombinéiert mam Glawen un eng verstoppten an iwwergeuerdent Wourecht, ass net just esoteeresch, si ass anti-demokratesch. Si hëlt der Gesellschaft dat ewech, wat hir Liewensloft ass: déi gemeinsam Méiglechkeet, sech iwwer gepréifte Fakten ze verstännegen. Dobäi lieft eng Demokratie vun engem ëffentleche Raum, an deem Argumenter zielen, anstatt Rooserei an Haass.

De Wal Timmy gouf an Zweschenzäit raus op d’Mier geschleeft an do sech selwer iwwerlooss. Zënterhier feelt all onofhängeg Spuer vun him. D'Meeresmuseum Stralsund mengt: warscheinlech ënnergaangen.

D'Fro, déi de Fall Timmy hannerléisst, bleift dofir: wéi schütze mir eis Demokratie virun esou anti-demokrateschen Tendenzen, déi eng gemeinsam Fakte-baséiert Debatt vergëften?